

REVUE MUSICALE

DE L'UGDA





Luxembourg Music Publishers

Extrait du catalogue pour orchestre d'harmonie

Nik Bohnenberger: Su Ara, for Soprano solo, Tenor solo and Wind orchestra

Walter Civitareale: Concerto humoristique pour clarinette basse, Troisième Symphonie "Mémorial de l'Evasion", I N MEMORIAM Leonard Bernstein, pour flûte et orchestre d'harmonie, Jubilee-Suite pour trompette, clarinette et orchestre d'harmonie, " Hommage à Louis Amstromg "

Dicks: Mumm Séis, ouverture

Luc Grethen: Concerto for euphonium, Berlin-Air,

Norbert Hoffmann: Fantaisie espagnole, Rhapsodie luxembourgeoise, Divertimento

Jean-Pierre Kemmer: Concerto pour trompette, Concerto pour cor, Rhapsodie rotarienne pour piano et orchestre d'harmonie, Un dimanche matin à Luxembourg, The Funny Horn, happy concerto for horn and symphonic jazz-orchestra

Lou Koster: Ouverture légère

Jules Krüger: D'Margréitchen, variations sur une chanson luxembourgeoise, Cortège, Spleen

Laurent Menager: Fantaisie pour clarinette et orchestre d'harmonie,, Sur la montagne, for horn and symphonic wind band, Le Joyeux chasseur, for horn and symphonic wind band, Ouverture de concert

Jeannot Sanavia: Stratigraphia

Maurizio Spiridiglio: Scènes enfantines, Zeitgeist, De Schokodraach, ouverture, Introduction to CR

Roland Wiltgen: Wind & Percussion Symphonies 1&2, Ceremonial, Congress for clarinet choir and wind band, Canzona, Schmelz,

Tatsiana Zelianko: Rêves de jeunesse

Jean-Antoine Zinnen: Ons Heemecht, version originale arrangée par Ivan Boumans pour orchestre d'harmonie, chœur SATB ad lib



Le printemps en musique

Photo : www.unsplash.com

Impressum - Sommaire 3

Adresses utiles 4

Editorial 5

Nouvelle année musicale dédiée aux personnalités qui ont marqué l'UGDA et une progression de l'engagement des jeunes !

Rétrospective

Regionalversammlungen 7

55. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle - Rapport 8

162. UGDA Kongress 9

Oppent Chrëschttagssangen 20

En mémoire

In memoriam Fred Harles 21

In memoriam Fernand Buchholtz 21

L'UGDA en Action

Comité d'honneur & de patronage 22

NOUVELLE DATE - Concours National pour Orchestre à vent 24

Rendez-Vous Mandolines et Guitares 25

Principales actions 2025 26

Concert commémoratif 27

Programme pluriannuel 28

UGDA - Editions

Mir maache Musek 30

Den 1. Mee 37

Communiqué

Concours Marche Grand-Duc Guillaume 6

EVEA - 38. Interregionale Jugendwoche für sinfonisches Blasorchester 35

Der Böhmisches Traum 2025 40

Sange mécht Spaass - Kannerlidderbuch 44

Bëps Tipps - Iwwert d'Leieren 46

Interview

Georges Schmit 38

Ecole de Musique

Rétrospective

Remise des diplômes de l'Ecole de musique de l'UGDA 32

Stages et formations 31

Les sociétés en action

Harmonie des Mineurs Esch/Alzette - Gala "Heavy Metal" der HMEsch Weihnachtsfeier 54

Harmonie des Mineurs Esch/Alzette - Eng beweegend Wintersaison bei der BAME an 105. Geburtsdag 56

Sauerquakerten - Calypso 2.0 56

Musek Gemeng Bauschelt-UGDA-Auszeichnungen 57

Chorale Municipale Lyra Ettelbruck - The Bright Side of Life 58

Buurschter Museksfrënn - Niklosmaart & Hämmeismarsch 58

Harmonie Mun. Rollingergrund - E musikalesche Päischweekend 59

Chorale Mun. "Sängerbond" Diekirch - matt engem starke Chouer an eng nei Zukunft 60

Fanfare Schuller-Spréngkeng 62

Ettelbrécker Musek - Colors and lights 64

Concordia The Voices Nidderaanwen - Class of 2024 ! 66

SMAL - Ein denkwürdiger Auftritt im Waldachtal 68

Ambitus & Estro Armonico - Concert Messiah 70

Fanfare Niederkorn - Weihnachtskonzert 72

Luxembourg Philharmonia 74

Fanfare Holtz - Wanterconcert & Dirigentewiessel 76

Philharmonie Préizerdaul - UGDA-Auszeichnungen 78

Kanner- a Jugendchouer Konsdref 78

Leidelenger Musek - Wanterconcert 80

Musek Gemeng Biwer an Aktioun 82

Lënster Musek - Turbulente Concert 82

Merci aux donateurs 84

Petites annonces

A vendre 86

Postes vacants 88

Varia 88

Calendrier des manifestations 90

Union Grand-Duc Adolphe

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1^{er} juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut Patronage de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

REVUE MUSICALE

3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / (+352) 46 25 36-21
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

Revue Musicale N° 1/2025

88^e année

Lëtzebuenger Museks-Zeitung

Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

Tirage : 11.000

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

Responsables de l'édition :

Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

Layout : Maïté Louis, Claude Mousel

Imprimerie : Imprimerie Centrale, Luxembourg

Administration, abonnement et publicité : Union Grand-Duc Adolphe

Prix par abonnement : 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.

Prochaine édition : 2 juin 2025

En couverture : Chorale Municipale "Sängerbond" Diekirch

(Photo : Chorale Sängerbond)

| | |
|--|---|
| Fédération / Mutuelle / Centre du documentation | 3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30 |
| Ecole de musique | 3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30 |
| Ecole de musique du Canton de Clervaux | Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30 |

CONSEIL D'ADMINISTRATION

| Fonction | Nom et prénom | Localité | Courriel |
|--------------------|------------------------|------------------|--|
| Président | HEINEN André | GOSSELDANGE | andre.heinen@ugda.lu |
| Vice-Président | KRIER Emile | BERTRANGE | kriere@pt.lu |
| Vice-Président | ROULLING Roger | VOLMERANGE | roger@gmx.fr |
| Secrétaire général | THILL Marc | STRASSEN | marc.thill@ugda.lu |
| Trésorier général | HEINTZEN Joe | VIANDEN | joheintz@pt.lu |
| Membre | DONVEN-ROSSETTI Adèle | BELVAUX | donvenm@pt.lu |
| Membre | ENGEL Georges | SOLEUVRE | engel@pt.lu |
| Membre | EWEN Jean | LINTGEN | jeanewen1@gmail.com |
| Membre | FISCHER-SCHARTZ Simone | SCHUTTRANGE | sfischer@pt.lu |
| Membre | HOSCHET Antoinette | WOLWELANGE | antoinette1991@outlook.de |
| Membre | KETTEL Claudine | LAROCLETTE | musikant@pt.lu |
| Membre | KINNEN Jean-Paul | EVERLANGE | kinnfam@pt.lu |
| Membre | KÖLLER Robert | LUXEMBOURG | robko@pt.lu |
| Membre | KOHNKOW Patricia | HOBSCHEID | comicpatty@yahoo.de |
| Membre | MICHELS Pol | LUXEMBOURG-GRUND | sound-light-vision@live.com |

DÉLÉGUÉ DE L'UGDA

| Nom et prénom | Localité | Courriel |
|---------------------------|------------------|--|
| BOULTGEN Isabelle | ESCH/ALZETTE | i.boultgen@gmail.com |
| ENGLER Jean-Luc | LEUDELANGE | jle@pt.lu |
| GOERGEN Francis | DIFFERDANGE | goefr@yahoo.fr |
| GRAVIER Maurice | CATTENOM | maugralise@hotmail.com |
| HENCKES Guy | TROISVIERGES | guy.henckes@education.lu |
| HENRION Romain | LUXEMBOURG | herom@pt.lu |
| KRUMMES-LIST Monique | HOBSCHEID | krupa@pt.lu |
| MKRTCHYAN Mher | PETANGE | mhermkrtchyan184@gmail.com |
| MICHELS Angèle | LUXEMBOURG-GRUND | michels1@pt.lu |
| ROETTIGERS-DE ROND Myriam | TROISVIERGES | myriamderond@yahoo.de |
| SCHAMMO Jean | HELMSANGE | schammo.jean@walfer.net |
| UEHLEIN Bernd | GREVENMACHER | b.uehlein@pt.lu |
| WAGNER-HEITZ Arlette | SCHIFFLANGE | wagnpi48@gmail.com |
| WISELER Manuela | ZEMMER | manu1965.mw@gmail.com |
| ZEIMET-SCHROEDER Monique | REMICH | moniquezeimetschroeder@gmail.com |



Nouvelle année musicale dédiée aux personnalités qui ont marqué l'UGDA et une progression de l'engagement des jeunes !

André HEINEN | Président de l'Union Grand-Duc Adolphe

www.ugda.lu

Chers membres,

Cette nouvelle année 2025 a commencé avec notre traditionnel Congrès fédéral qui a eu lieu le 26 janvier 2025 au Conservatoire de la Ville de Luxembourg en présence du ministre de la Culture Eric Thill, de nombreux représentants des communes partenaires de notre École de musique et des représentants de nos associations-membres. Lors de cet 162^e Congrès fédéral le rapport d'activités de l'année 2024 et le rapport financier de l'année 2024 ont été présentés. Nous accueillons chaleureusement le nouveau membre du conseil d'administration de l'UGDA Monsieur Georges Engel ainsi que la nouvelle déléguée Madame Manuela Wiseler et le nouveau délégué Monsieur Mher Mkrtchyan. Nous leur souhaitons plein de réussite dans leurs nouvelles missions au sein de nos associations-membres et au sein de notre Fédération.

Le printemps musical 2025 sera marqué par un Concert commémoratif en honneur des quatre Présidents honoraires Monsieur Roger Diederich, Monsieur Henri Schumacher, Monsieur Louis Karmeyer et Monsieur Gilbert Girsch qui aura lieu le 18 mai 2025 à la Philharmonie. 100 chanteuses et chanteurs et les orchestres auxquels les Présidents honoraires consacraient une grande partie de leur vie, créeront un monument musical afin de leur rendre un hommage musical.

Comme l'engagement social constitue un pilier de nos associations-membres, j'aimerais attirer l'attention sur le fait, que notre personnel administratif et pédagogique de l'École de Musique et de la Fédération s'engageront lors du Relais pour la vie qui aura lieu le 22 et 23 mars à la Coque qui a pour mission la lutte contre le cancer. En tant que Président de la Fédération et de l'École je suis particulièrement fier de votre engagement.

Prochainement auront lieu les stages de musique. Venez écouter les concerts de clôture de ces stages et soutenez les jeunes lors de leur développement personnel et musical. Cette année, notre orchestre national des jeunes (NYWOL) se rendra en Autriche pour préparer son concert de clôture qui aura lieu le 20 avril 2025 à 18h30 au Centre Culturel Machera de Grevenmacher. Chaque année le directeur musical Monsieur François Schammo choisit un programme musical ambitieux et diversifié qui permettra l'avancement des jeunes musiciens dans leur carrière musicale.

Au personnel de la Fédération, de l'École de musique, aux délégués régionaux et aux membres du Conseil d'administration, je vous félicite de votre professionnalisme quotidien dans votre travail et de votre bonne collaboration et je souhaite à nous tous une bonne année musicale 2025. A nos associations-membres locales, j'aimerais que vos projets musicaux réussissent avec le meilleur soutien de la Fédération.

André HEINEN
Président fédéral



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture



Concours

fir Lëtzebuerger Komponiste fir e

Marche Grand-Duc Guillaume



Am Hibleck op den Trounwiessel am Oktober 2025
organiséieren „d’Frënn vun der Militärmusek“
mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère
e Kompositiounsconcours fir e **Marsch zu Éiere**
vum neie Groussherzog Guillaume.

De geneeë Verlaf vun dësem Concours an d’Reglement
fannen d’Interessenten op eisem Internetsite **www.fvmm.lu**



Hengescht - Gréiwemaacher - Stroossen

Regionalversammlungen vun der UGDA

Text : Marc THILL | Foto : Viviane HEINEN

No bei eise Veräiner sinn, dat ass den Zweck vun den UGDA Regionalversammlungen. Am Joer 2024 waren dës Versammlungen, den 9. Dezember zu Hengescht, den 12. Dezember zu Gréiwemaacher an den 15. Dezember zu Stroossen. Den Interessie war grouss, well insgesamt 167 Veräiner waren op dëse Regionalversammlunge vertrauede.

Mat enger Begréissung vum President André Heinen an enger Virstellung vum lokale Museksveräin, den d'UGDA empfaangen huet, sinn d'Regionalversammlungen op-gemaach ginn.

Um Programm stoung ee Réckbléck mam Aktivitéitsbericht 2024, an ee Bléck an d'Zukunft mam Aktiounsprogramm 2025, presentéiert vum UGDA Generalsekretär Marc Thill, oder zu Gréiwemaacher vum Vize-Präsident Roger Roulling, den do de Marc Thill vertrauden huet.

De Generaltrésorier Joe Heintzen huet de Bilan vun der Federatioun a vun der UGDA Museksschoul, wei de Stand dovunner um Enn vum Joer 2024 war, zesumme mam Projet fir de Budget 2025 virgestallt.

Dorop hin war et nach eng Kéier um Generalsekretär Marc Thill, fir de 5-Jores Plang vun der UGDA, mat alleguer de Projekte fir d'Joren 2025 bis 2029, virzustellen. De Vize-Präsident Emile Krier huet de Reglement vum nationale Concours fir Blosmusek 2025 explizéiert. No engem Opruff fir nei Kandidature sinn dunn als UGDA Delegéiert de Georges Engel, de Mher Mkrtchyan an d' Manuela Wiseler proposéiert ginn.

D'Virstellung vun de neie Statute vun der UGDA, ugepasst un d'Gesetz vum 7. August 2023, stoung dunn um Ordre du jour, ier de Maître Pierre Feltgen nach eng Kéier op d'Neierungen an dësem Gesetz iwwert Asbl' en agaangen ass.

Däitlech Verbesserung vum den Appuis financiers ginn vun der Federatioun ugebueden. D'Manifestatioun, déi all Joer organiséiert ginn, wei de Concert national des Harmonies et Fanfares, kënnen lo mat 1.500 € an statt wei virdrun mat 1.000 € ënnerstëtzt ginn. Fir de Concert national des Big Bands, de Rendez-vous des Mandolines et Guitares, oder d'Journée nationale de l' Accordéon, Manifestatioun déi all 2 Joer organiséiert ginn, sinn lo 3.000 € méiglech. Virdrun waren et der 2.000€. Fir Manifestatioun, déi all 3 Joer statt fannen, wei de Nationalen Sängerdag, geet d'Ënnerstëtzung vun 3.000 € op 4.500 € erop. Beim Folklore kënnen d'Manifestatioun all 4 Joer mat 6.000 €, an statt wei bis lo mat 4.000 € ënnerstëtzt ginn. Fir den Theater, wou all 5 Joer eng Manifestatioun virgesinn ass, do ass déi méiglech Ënnerstëtzung vu 7.500 € op 5.000 € erop gaangen.

Zum Ofschloss sinn nach vun de Veräiner, verschidde Froe gestallt ginn iwwert d'Asbl Gesetz, iwwert d'Umelle vun de Chefs d'orchestre, iwwert den Dateschutz, a wéini een Event zoulässeg wier fir Congé culturel ze kréien?

No enger Usprooch vun de Verrieder vum Buergermeeschter- a Schäfferot aus de jeeweilegen Uertschaften, huet den UGDA President André Heinen, dunn mat de beschte Wënsch fir dat Neit Joer, d'Regionalversammlungen ofgeschloss.





Sonndeg, 26. Januar 2025, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

55. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle – Rapport

Text : Marc THILL

Nodeems d'Statute vun der UGDA-Mutuelle un dat modifizéiert Gesetz vum 1. August 2019* iwwert d'Mutuelle ugepasst waren, huet d'Joer 2024 mat der gewéinlecher Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle, den 28. Januar 2024, am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, ugefaang. D'Tariffer an d' Leeschtunge sinn am Joer 2024 un den Index ugepasst ginn.

Fir d'Joer 2024 sinn d' Chargen am Verwaltungsrot identesch bliwwen:

Robert KÖLLER, President,
Emile KRIER, Vize-President,
John LENERT, Vize-President,
Jean-Pierre REUTER, Vize-President,
Marc THILL, Secrétaire,
André HEINEN, Trésorier,
Gabrielle CORDIER, Member,
Pol MICHELS, Member,
Roger ROULLING, Member.

D'Mutuelle vun der UGDA ass weiderhi mam Robert KÖLLER als Tresorier général vun der Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise der FNML an dësem Gremium vertrueden.

Verschiede Aluedungen fir den CA vun der Mutuelle sinn am Joer 2024 erakomm. Dofir huet eng Delegatioun vun der UGDA-Mutuelle de 23. Mee 2024 un der Generalversammlung vun der Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise FNML, de 29. Juni 2024 um Kongress vun der CMCM, an den 30. November um CMCM Dag zu Munneref Deel geholl. Ausserdeem hunn Delegatiounen vum CA un der Assemblée générale

extraordinaire vun der CMCM an um 100ten Anniversaire vun der FNML deelgeholl.

De Conseil d'Administration vun der Mutuelle huet sech am Laf vum Joer 2024 am Ganzen 2x gesinn. (dovun 1x per Teams)

Den Dossier vun der Fusioun tëscht der UGDA-Mutuelle an der Mutuelle Philharmonie Grand-Ducale et Municipale Ettelbruck a.s.b.l. huet sech zur Zefriddenheet erleeedegt.

D'Neiopstellung vun der UGDA-Mutuelle, fir sech un d'Mutualitéitsgesetz un ze passen, war um Ordre du jour vun de Reuniounen vum Conseil d' Administration.

Sou hu mir laut dem neie Gesetz missen eis Assurancen ëmverdeelee. Nëmmen Assurance déi un d'Gesondheet oder u Kierperschied gebonne sinn, hunn dierfe bei der Mutuelle bliwwen.

D'Reunioun fir d'Koordinatioun mat der LaLux ze diskutéiere war dofir den 22. Abrëll 2024.

Fir iwwer dëse Sujet ze schwätzen hat den CA vun der Mutuelle am September 2024 och eng Entrevue mat der Madamm Minister vun der Sécurité sociale.

Héi dann och nach eng Opstellung vun de Schied déi am Joer 2024 erakomm sinn.

| | |
|---------------------------------|-------------------|
| Assurance Responsabilité civile | 4 Deklaratiounen |
| Assurance Accidents | 2 Deklaratiounen |
| Assurance Instruments | 62 Deklaratiounen |
| Assurance Kasko | 22 Deklaratiounen |
| Assurance Electronique | 1 Deklaratioun |
| Stierfgeld | 31 Stierffäll |



* Loi modifiée du 1er août 2019 concernant les mutuelles et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises.



Sonndeg, 26. Januar 2025, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

162. UGDA Kongress

Rapport

Text : **Marc THILL** | UGDA Generalsekretär | Fotoen : **Viviane HEINEN**

D'Joer 2024 war fir déi affiliéiert Veräiner vun der UGDA dat éischt Joer wou déi nei Reglementatioun iwwert d'Asbl'en an iwwert d'Fondatiounen hir Wierkung krut. Ze bedauere haten mir, am Hierscht, den onerwaarten Doud vun eisem Éierepresident Gilbert Girsch. Trotz allem huet d'Veräinslieden an hunn d'Aktivitéiten vun der Federatioun weiderhin hire Laf geholl.

Kongress

Den 26. Januar 2025, um 162. Kongress vun der UGDA, gouf ee Réckbléck gehalen, iwwert eben dës Aktivitéiten vun der Federatioun a vun hire Veräiner. Fir de musikaaleschen Encadrement huet d'Éilerenger Strépp gesuergt.

De Kongress war gutt besicht. Etlech Éierégäscht konnt den UGDA-President André Heinen am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg begréissen.

Um éischter Stell de Kulturminister Eric Thill an d'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, d'Éierepresidentin vun der UGDA Martine Deprez. Begleet sinn béid Ministere ginn vun hire Conseillere, Joé Haas fir de Kulturministère, a Sandra Herrmann-Strohl fir de Ministère de la Sécurité sociale. Vum Educationministère war de Commissaire à l'enseignement musical Gilles Lacour um Kongress present. Säin Adjoint de Marc Treinen huet sech entschëllege gelooss.

Den UGDA Éierepresident Robert Weyland an den UGDA Éierevizepresident Raymond Peters waren och um Kongress, genee wei d'Schäffen a Deputéiert Simone Beissel a Maurice Bauer aus dem Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg.



Aus der Chamber waren Deputéiert Djuna Bernard, Georges Engel, Nathalie Morgenthaler, Marc Spautz an Tom Weidig vertrueden, wei och de Fernand Diederich als Éierendeputéierte. A sénger Funktioun als Europadeputéiert war de Marc Angel um Kongress. D'Europadeputéiert Martine Kemp huet sech entschëllegt.

Buergermeeschter a Schäffen aus de Gemenge Fréiseng, Lëntgen, Luerenzweiler, Monnerech, Schëtter a Stengefort, waren mat den Hären a Dammen, Carlo Heuertz, Louis Pinto, Marguy Kirsch-Hirtt, Marianne Baustert-Berens, Claude Marson a Sammy Wagner vertrueden.

Fir de Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg war den Direkter adjoint de Serge Bausch do. D'Marianne Fellens vum Syndicat pour l'Enseignement de la Musique et du Chant vum Kanton Klierf, an den Thomas Reuter, Chargé de direction vun der Museksschoul vum Kanton Klierf, waren mat dobäi.

Nieft dem Paul Scholer als Direkter honoraire, war d'UGDA Museksschoul, duerch Direktesch Micky Thein, mat dem Direkter adjoint Yves Popow, den Attachéen à la Direction Fränk Wagner a Daniele Notarnicola, der Direktiounssekretärin Anne Zens, wei d'Membere vun der Personaldelegatioun Vanessa Venturi a Claude Mousel vertrueden. De Maître Pierre Feltgen, juristesche Beroder vun der UGDA, an de Marc Meyers, Direkter vum Stater Conservatoire hunn sech entschëllege gelooss.

Fir de Pius Verband war de President Marc Boever um Kongress.

Aus der Groussregioun si Verrieder vu befrënte Federatiounen op de Kongress komm, de Norbert Sartoris, Vize-President vum Landesmusikverband Rheinland-Pfalz, de François Bertrand an den Emmanuel Jamelo vun der Fédération des sociétés musicales de Meurthe et Moselle et de la Meuse, CMF54 – CMF55, de Jean-Marie Batteux, President vun der Fédération musicale de la Province de Liège, FML, an de Marc Komoth, President vun der FÖDEKAM.



Nieft enger grousser Delegatioun vun der UGDA-Mutuelle, déi aus dem Presidente Robert Köller, de Vize-Presidente John Lenert a Jean-Pierre Reuter, dem Sekretär Marc Thill, sou wei de Membere vum Verwaltungsrot Gabrielle Collignon-Cordier, bestan huet, waren de Christian Schumacher, President an de Guy Modert, Generalsekretär vun der Fédération nationale de la mutualité luxembourgeoise, FNML, um Kongress mat dobäi. Aner Institutionen a Partner vun der UGDA, wei LALUX Assurances, ware vertrauten duerch den Olivier Gengler, de Service Espaces publics, Fêtes et Marchés, EFM vun der Stad Lëtzebuerg, war vertrauten duerch de Michel Leruth. Entschëllge gelooss huet sech d'Nicole Kuhn-Di Centa, Presidentin vun der Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire, LASEP.

De President André Heinen huet d'Memberen aus dem Exekutiv-Büro vun der Federatioun, d'Vize-Presidenten Emile Krier a Roger Roulling, dem Generalsekretär Marc Thill, an dem Generaltrésorier Joe Heintzen, de Memberen aus dem Verwaltungsrot Adèle Donven-Rossetti, Jean Ewen, Simone Fischer-Schartz, Antoinette Hoschet, Jean-Paul Kinnen, Patty Kohnkow, Robert Köller, Susanne Kramer, Pol Michels, an och d'UGDA-Delegéiert Jean-Luc Engler, Francis Goergen, Guy Henckes, Josy Kontz, Monique Krummes-List, Angèle Michels-Unsen, Myriam Roettgers-De Rond, Arlette Wagner-Heitz a Monique Zeimet-Schroeder Wëllkomm geheesch, genee wei den Joseph Ciatti an den Nico Fellens als Éieredelegéiert vun der UGDA.

De Norbert Classen an den Emile Noesen waren als Vérificateurs des comptes, wei och den André Schott an den Norbert Steinmetz, als Éierevérificateur des comptes um Kongress present. Claudine Kettel, Member am Verwaltungsrot vun der UGDA, huet sech entschëllege gelooss.

Vum Personal vun der Federatioun a vun der Mutuelle UGDA waren d'Laura Ascani, de Carlo Köller, de Claude Krack, d'Maïté Louis an de Pascal Thiry mat dobäi. D'Martine Sales, als eemoleg Mataarbechterin vun der UGDA-Federatioun, huet de Kongress besicht. De Raoul Willhelm huet sech entschëlllegt.

Gedenken un déi Verstuerwe

Beim Gedenken un déi Verstuerwen hu mir dëst Joer besonnesch dem Ernest Wendel, dem Maurice Gravier, dem Jos Kreintz an dem Gilbert Girsch, Éierepresident vun der UGDA, geduecht.

Admissioun / Exklusioun

Nei opgeholl an d'UGDA sinn d'Buurschter Museksfrënn an d'Luxembourg Saxophone Association. Ausgetruede sinn de Männerkouer «Atertdaul», d'Reisdrëfer Musek A.s.b.l., d'Société Chorale Itzig - Izeger Gesank A.s.b.l. an d'Theaterfrënn Uespelt A.s.b.l.

Komplementarwalen

197 affiliéiert Veräiner waren um Kongress vertraute, de Quorum fir d'Ofstëmmen iwwert déi reforméiert Statute war erreecht. De Vote vun engem neiem Member am Verwaltungsrot, dem Georges Engel, proposéiert vun der Zolwer Musik, a vun zwee néien UGDA-Delegéierten, d'Manuela Wiseler, proposéiert vun der Biergarbechtermusik Esch-Uelzecht, an dem Mher Mkrtchyan, proposéiert vun der Société de musique des Accordéonistes de Luxembourg, ass dunn och mat Succès verlaf.



Le Conseil d'Administration de l'UGDA : Emile Krier (Vice-président), Pol Michels, Patricia Kohnkow, Jean Ewen, Susanne Kramer, Martine Deprez (Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale), Robert Köller, André Heinen (Président fédéral), Simone Fischer-Schartz, Marc Thill (Secrétaire général), Roger Roulling (Vice-président), Josy Kontz (Délégué honoraire), Jean-Paul-Kinnen, Eric Thill (Ministre de la culture), Georges Engel, Joe Heintzen (Trésorier général), Adèle Donven-Rossetti, Antoinette Hoschet

Aktivitéitsbericht 2024

Den Aktivitéitsbericht vum Generalsekretär Marc Thill huet am Januar 2024 mat dem 161. Kongress vun der UGDA am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, den direkt no der 54. Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle war, ugefaang. Fir den Encadrement musical hat deemools eng Jazz-combo vun der Museksschoul aus dem Kanton Klierf gesuergt.



Museksdag

Am Fréijoer si Preparatioune fir déi kommend Manifestatioune gemaach ginn. De 16. Juni 2024 war den UGDA-Museksdag op der Plëss. Ee Dag, den trotz dem kalen a schlechte Wieder ee Succès war.

Mat dobäi ware vun eisen affiliéierte Veräiner "D'Sänger vun der Bich", d'"Singing Ladies", "D'Lidderuucht", "Vallée des sept châteaux", d'Harmonie Kléngbetten, d'Grousbuss-Waler Musek, d'Fanfare Holtz, d'Musek aus der Gemeng Bauschelt an d'Märeler Big Band.

Am Kader vum Museksdag waren awer och d'UGDA-Museksschoulen uechter d'Land aktiv mat verschiddene Manifestatiounen a klénge Concerte.

Een Informatiounsstand war, wei all Joer, op der Plëss mat dobäi, fir déi interesséiert Passanten iwwer d'Aktivitéite vun der Federatioun a vun der Museksschoul ze informéiere.



Médailles gouvernementales et fédérales, sociétés à l'étranger

Kultur gëtt gemaach vun de Mënsche fir d'Mënschen. Déi Leit, déi sech Dag an, Dag aus fir d'Kultur asetzen sollen deemno hire Merci kréien.

Sou war et fir déi vill Memberen aus de Veräiner, déi op der laanger Lëscht vun de Medailen vun der Regierung, a vun den Auszeechnunge vun der Federatioun stoungen. Dës Zeremonie war de 19. Juni 2024 a Präsenz vum Kulturminister Eric Thill, am Centre Barblé zu Stroossen.

Fir de musikaeschen Encadrement huet een Ensembl gesuergt, den zum Deel zesumme gestallt war mat Enseignante aus der UGDA-Museksschoul. Besetzung war d'Vera Bartinger op der Gittar, de Pit Bourkel op der Batterie, de Joël Metz um Saxophone an de Benoît Wies um elektresche Bass.



Défilé non-militaire

Den Défilé non-militaire war op National Feierdag, den 23. Juni 2024, an der neier Avenue (Avenue de la Liberté), an der Stad Lëtzebuerg. Fir d'UGDA waren dësen Dag am Cortège mat dobäi, d'Museksveräiner aus der Gemeng Rammerech.



Jugenddag

De Jugenddag war am Hierscht, um 20. Oktober 2024. D'Harmonie Moutfort-Medingen huet sech der Organisatioun mat Meeschterhand ugehol. Am Kulturzentrum zu Moutfort waren fir de Jugenddag mat dobäi déi jonk Lënster Musek, d'Weeltzer Beemollecher, d'Kéinziger Kauzekäppercher, d'Jugendensembel vun der Mierscher Musek, d'Mezzo forte Bléiser vun der Harmonie Habscht zesumme mam Jugendensembel vun der Harmonie Äischen, an d'Mutferter Musikanner.



Nationale Concert vun den Harmonie a Fanfare

Wann de Nationale Concert vun den Harmonie a Fanfare am Joer 2023 ee Süd-Derby war, dann war dës flotte Concert am Joer 2024 een Dräikantonsconcert. De Concert krut säin Numm wëll Museken aus dem Kantone Miersch, Diekirch an lechternach mat dobäi waren.

D'Musek aus der Fiels, d'Fanfare vun Miedernach, an d'Waldbëlleger Musek hunn zesummen de Nationale Concert vun den Harmonie a Fanfare, den 30. November 2024, an der Miedernacher Sportshal gespillt. Bei dëser Occasioun ass dem Georges Sadeler säi Wierk "Landscapes" uropgeféiert ginn.



Chrëschttagssangen

De 7. Dezember 2024 war zu Miersch d'oppent Chrëschttagssangen vun der UGDA. Dës öffentliche Sengen, dat fir jiddereen op war de Loscht hat matzemaachen, ass a Zesummenaarbecht mam Kulturministère, dem Pius Verband, dem INECC, der Mierscher Musek an der Gemeng Miersch organiséiert ginn. Wéinst dem schlechte Wieder war d'Sangen net hei baussen, mee an der Kierch vun Miersch.



Regionalversammlungen 2024

Den administrativen Ofschloss vum Joer maache wei gewinnt eis Regionalversammlungen. D'UGDA kënn bei Iech, well mir är Meenung wëllen héiere, well mir eis äre Suergen a Froe wëlle stellen.

Am Joer 2024 waren eis Versammlungen zu Hengescht de 9. Dezember, zu Gréiwemaacher de 12. Dezember an zu Stroossen de 15. Dezember.

Ee Merci geet un all déi Uertschaften an un déi Veräiner, déi d'UGDA mat hire Regionalversammlunge bei sech empfangen hunn.



Museksschoul 2024

Et waren etlech Aktivitéiten an der UGDA-Museksschoul am Joer 2024. Zum Beispill déi beléift Stagen fir verschidden Alterskategorie, am Mariendall, zu Esch-Uelzecht, zu Wäiswampech an zu Weicherding.

Dës Stagen waren, wéi schonn sou oft a Zesummenaarbecht mat dem SNJ; der Museksschoul vum Kanton Klierf (EMCC) a mam INECC.

De National Youth Wind Orchestra Luxembourg (NYWOL) war op ee Stage an Holland, zu Ede an den Akoesticum, vum 30. Mäerz bis de 6. Abrëll 2024.

De wichtegste Rendez-vous vum der Museksschoul war ouni Zweiwel de 40. Concours Jeunes Solistes, de 17. November 2024, am Conservatoire vum der Stad Lëtzebuerg. Dësen europäesche Concours hat als Schwéierpunkt, d'Querflüten an de kleng Blech. Et hunn hei 147 jonk Solisten, aus 21 verschiddene Natioune, matgemaach. Zum Ofschloss ass et Gebuertsdagskuch ginn, fir déi 40 Joer Concours Jeunes Solistes (CJS) ze féiere.

Administrativ an international Aktivitéiten 2024

An der Federatioun ware 7 Sitzunge vum Verwaltungsrot, a 39 Sitzunge vum Büro exécutif. De Verwaltungsrot vun der Museksschoul huet sech 7 mol getraff.

Wichtig fir d'Kommunikatioun mat de Veräiner ass nieft der Internet-Säit ëmmer nach d'Revue musicale. Sie ass véier Mol raus komm am Joer 2024, am Mäerz, Juni, Oktober a Dezember.

D'UGDA ass nieft hirer Missioun zu Lëtzebuerg och international engagéiert, als Member an der UMI (Union musicale interregionale), dem CIOFF (Conseil international des organisations de festivals de folklore et d'arts traditionnels), a wat d'Museksschoul ugeet der EMCY (European Union of Music Competitions for Youth).

Suerger ëm d'Zukunft

Am Joer 2024 koumen déi éischt Statuten a Kraaft, déi konform waren zum néie Gesetz iwwert d'Asbl' en a Fondatioune. Wann och dëst Gesetz net onbedéngt am Sënn vun eise Veräiner war, sou gëtt et awer ee gudde Grond dofir.

Lëtzebuerg stoung als Finanzplaz am Ausland op enger schwaarzer Lëscht, et huet souguer geheescht, mir wieren ee Steierparadäis. Dëst Gesetz huet awer mat dofir gesuergt, dass Lëtzebuerg lo vun dëser Lëscht verschwonne ass.

Mam néie Gesetz koom déi nei Comptabilitéit, déi ass obligatoresch a komplizéiert. Sie muss fir verschiddene Veräiner en Partie double gefouert ginn, wou villäicht sou muenche Keessjee, den jorelaang verdéngschtvoll mat dobäi war, d'Flemm krut an opgehalen huet.

Ëmständlech ass et och déi nei Statuten enregistréieren ze loossen. All Member vum Comité muss ugemellt ginn. Vun all Member vum Comité muss eng gültig Kopie vun der Carte d'Identité do sinn. Duerno kënn de Certificat de Residence, den dierf net méi al wéi 3 Méint sinn.

Wann dat iwwerstan ass kommen d'Onkäschen. Et war schonn an der Press, d'Onkäsche vun de Comptes courants fir d'Asbl 'en sinn plazeweis drastesch geklomme.



Ee Veräin krut ouni et ze froen ee "Compte courant professionnel Association" mat engem neie Plan tarifaire. Dowéinst muss de Veräin 25 Euro pro Mount anstatt wei bis lo 5 Euro Onkäsche bezuele. Eng aner Bank huet de Bilan vum Veräin gefrot, am XML oder am PDF Format. Falls



ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956



Dir gitt krank oder hutt en Accident während Ärer Vakanz am Ausland a musst op Lëtzebuerg rapatriéiert ginn. Zesummen mat eisem Partner IMA- Inter Mutuelles Assistance, këmmen mir ons ëm alles an iwwerhuelen d'Käschte vum Transport an di néideg Doktesch- a Klinikskäschten sur place.

Loscht Member ze ginn? Rendez-vous op www.cmcm.lu

MIR SINN DO. FIR JIDDEREEN.



de Veräin dat net kéint maachen, kéint dem Veräin seng Fiduciaire et jo maachen. Anerefalls kéim eng Révision du Dossier an et géifen d'Conditions débitrices ugepasst ginn.

Bei ronn 8.000 ugemellten Asbl' en hei am Land kennt do schonn eppes zesumme. Wei sollen dat eis Veräiner am Benevolat bezuelen? Ginn se doduerch Faillite? Féiert dat zu enger schlächender Professionaliséierung vum Benevolat? Dat brauche mir net. Dat kënne mir eis net leeschten als Gesellschaft. Et dierf sech net zerwéiert ginn um Benevolat, an un eise Veräiner.

D'Federatioun UGDA fuerdert ee Modell vun Compte courant, wou d'Veräiner déi aktiv am Benevolat sinn, gönschteger ewech kommen, quasi ouni Onkäschten.

Dat alles gëtt ee battere Nogesmaach, wann mir méi Benevolat wëllen, méi Veräinsaktivitéite wëllen, ee Vivre-ensemble wëllen an d'Aglidderung an eist soziaalt Liewen, vun alle Mënschen déi hei zu Lëtzebuerg liewen a wunnen.

Genee sou wichteg ass et fir eis jonk Memberen an de Veräiner ze wëssen dass si lo dréngend gebraucht ginn. Bestëmmt hu vill jonk Leit Angscht virun enger Zukunft, déi haut méi ongewëss erschénkt wei jeemools virun, mee dat ass den Challenge.

D'Liewen ass méi schwierig ginn. D'Problemer vun eise Jonken dréien sech verstärkt ëm de Job, de Logement, d'Mobilitéit an wei een bei All dem nach d'Familljeliewe kann mat ënnert een Hutt bréngen. Wat erwaarden déi Jonk vun der UGDA?

Wisou kommen net méi Jonker vun der Schoul an d'Veräiner? All Joer hunn mir méi Schüler an der UGDA Museksschoul, oder am Conservatoire, et kommen der awer net méi an d'Veräiner. Eis Jonk mussen gewuer ginn wat d'Virdeeler sinn wann se Member sinn an engem Veräin. Wei et ass mat dobäi ze sinn. Eng speziell Journée vun der UGDA Museksschoul, mat enger Table ronde befaasst sech de 26. Februar 2025 zu Walfer mat dësem Thema.

Mir brauchen lo eng nei Federatioun, déi speziell eise Jonken nolauschtert. Eng Federatioun déi nei Virdeeler bréngt. Dat ass eiser aller Successioun.

Rapport financier

De Joe Heintzen, huet dunn als Generaltrésorier, de Rapport financier vum Joer 2024 präsentéiert.

Par Rapport zum Budget 2024 gëtt et en tatsächlechen Iwwerschoss vu ronn 168.000 Euro. Dësen Iwwerschoss ass zustane komm, haaptsächlech duerch d'Ännerung vum Mutualitéitsgesetz ab dem Joer 2024, wou eng Mutualitéit nëmmen nach dierf fir Kierperschied opkommen. D'Caissiere vun eise Veräiner hunn dat lescht Joer kënne feststellen, dass d'Cotisatioun fir Materialschued wéi zum Beispill Instrumenter, Kasko asw. hu missten un d'UGDA selwer bezuelt ginn, a net méi un d'Mutualitéit. Doduerch sinn 272.500 Euro méi erakomm, u Sinisteren hunn mir 190.000 Euro bezuelt, wat eis een Iwwerschoss vu ronn 82.500 Euro mëscht, Zuelen déi dann net mei am Décompte financier vun der Mutuelle stinn.



De weideren Iwwerschoss vu knapp 86.000 Euro ergëtt sech duerch eng ganz Partie méi kleng Erspuernisser, beispillsweis um Büromaterial, oder duerch manner Käschten beim Museksdag, beim Concert HaFa, dem Theater, der Informatik, asw.

Op der anerer Säit ginn et natierlech och Poste wou et méi Depensen gouf wéi virgesinn, mee summa summarum sinn 86.000 Euro gespuert ginn, wat wuel fir eis Keess gutt ass, mee wat awer net onbedéngt als e gutt Zeechen ze gesinn ass.

Bei der UGDA-Musekschoul, gesäit een an der Sektoun 1 ronn 22,7 Milliounen Euro bei de Recetten a genee sou vill bei den Depensen. Déi 52 Partnergemenge, mat knapp 6.400 ageschriwwene Schüler vun der Musekschoul, kréien en Tarif berechent, dee souwuel d'Paie vun der Verwaltung, wéi och déi vun den Enseignant'en an d'Frais'en am Zesammenhang mat de Course selwer beinhalt.

Eis Partnergemenge wëssen, dass se dëse Montant mussen an hirem Budget'e festhalen. Dowéinst sinn d'Recetten an Depensen identesch. 22,7 Milliounen Euro ware ronn 10 Prozent méi wéi am Bilan 2023 stoung. D'Previsioun fir 2024 waren awer au Depart ronn 27,5 Milliounen Euro, also 4,8 Milliounen Euro méi héich, wéi se tatsächlech ausgefall sinn.

Dat kënnt zum gréissten Deel dohier, dass eng grouss Gemeng ofgesprongen ass, a probéiert lo hier eege Musekschoul ze bedriwen. Et gëtt dës Gemeng kaum méi bëlle, well si jo nieft de Frais'e vun den Enseignanten och nach muss zousätzlech Gemengepersonal separat budgetiséierten. D'UGDA Musekschoul huet routinéiert Personal dofir, wat awer bei enger Gemeng net onbedéngt de Fall sinn muss.

Eng weider Erspuernis am Joer 2024 war, dass keng Indextranche erfall ass. D'Paie u sech fir béid, d'Verwaltung an d'Enseignante, louchen 2024 bei knapp 19.250.000 Euro, wat 94% vum Gesamtbilan sinn, a wat par Rapport zu 2023 knapp 10% méi sinn, obwuel et manner Enseignante waren.

Dat léisst sech erklären duerch dat neit Enseignant-Gesetz, wat 2024 a Kraaft getrueden ass, wéi duerch eng normal Hausse vun den eenzelne Carrièren, an duerch eng Adaptatioun vum Punktwäert vun 21,62 op 22,04.

An der Sektoun 2 stinn d'Stagen a d'Seminaire. Hei hu mer e positivt Resultat vu knapp 170.000 Euro, dat haaptsächlech well budgetstechnesch e Plus vun 56.000 Euro par Rapport zu 2023 un Zënse ze verzeche war. Eng Situatioun, déi et eis natierlech engersäits erméiglecht huet all eis Seminairen a Stagen ouni Problemer duerchzezéien, wat fir eis Schüler wichteg Zousaz-Aktivitéite sinn, déi se villäicht an der Form net iwwerall gebuede kréien. Anerersäits brauche mir eis kuerzfristeg fir d'Zukunft net all ze vill Gedanken doriwwer ze maachen, och wa mer musse feststellen, dass d'Zënse op de Banke rapid um Fale sinn.

Déi selwecht Situatioun besteet an der Sektoun 3 – de Concours Jeunes Solistes, wou lo schonn zanter 40 Joer eis jonk Talenter sech virun enger professioneller Jury ënner Beweis stellen kënnen. Dat negativt Resultat vun 18.500 Euro kann opgefaange ginn, de Concours Jeunes Solistes, den traditionell am Ufank November am Conservatoire ass, kann ouni Problemer an héijer Qualitéit weidergefouert ginn.

Beim Ordre Européen du Mérite Musical schlussendlech, stoung zum leschten Dezember de Montant vun 57.000 Euro um Kont.

Rapport vun de Keesereviseure

Den Emile Noesen huet am Numm vun de Keesereviseuren dunn dem Generaltrésorier eng gutt an exakt Aarbecht zertiféiert, an de Rapport financier, wei och de Rapport des Activités sinn vum Kongress ugeholl ginn.



Aktivitéitsprogramm 2025 a Programm pluriannuel

No dësem, Punkt huet de Generalsekretär Marc Thill den Aktivitéitsprogramm vum Joer 2025, zesumme mam Programm pluriannuel bis an d'Joer 2027, virgestallt.

D'Joer 2025 huet mat dem 162ten Kongress vun der UGDA an der 55ter Generalversammlung vun der UGDA-Mutuelle ugefaang. Dës zwee wichteg Rendez-vous 'en wäerten och an de Jore 2026 a 2027 sinn. Wéinst Ëmbauarbechten am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg wäert de Kongress 2026 zu Gréiwemaacher organiséiert ginn.

De 26. Abrëll 2025 wäert d'Journée des mandolines et guitares" zesumme mam Veräin "La Lyre" zu Godbrange organiséiert ginn. Dësen Dag war wéinst engem Stëftungsfest vun 2024 op 2025 reportéiert ginn. Am Joer 2026 fënnt dann, weider am normalen Zyklus, d'Journée des mandolines et guitares zu Beetebuerg statt.

De Concert commémoratif zu Éiere vun de véier verstuerwene Presidente Roger Diederich, Henri Schumacher, Louis Karmeyer a Gilbert Girsch ass de 18. Mee 2025 an der Philharmonie um Kierchbiert.

De Concours fir Blosmusiken, hätt sollen 2025 zu Leideleng sinn. De Concours ass awer op d'Joer 2026 reportéiert ginn, do soll en dann um 14. a 16. Mee organiséiert ginn. Fir d'Joer 2027 ass ee groussen Concours fir Harmonie, Fanfare a Brass Bands op Europäeschem Niveau virgesinn. Dës Concours wäert an der Philharmonie um Kierchbiert sinn.

Zesumme mam UGDA Museksdag, am Kader vun der Fête de la musique, wäert de 15. Juni 2025 ee Projet fir Kannerchéier organiséiert ginn. De Projet ass initiéiert ginn vun der Kannerchouer Heemelsdéiercher vum Lampertsbiert a gëtt organiséiert, genee wei de Museksdag, an Zesummenaarbecht mat der a.s.b.l. Fête de la musique an dem Service Événements, Fêtes et Marchés vun der Stad Lëtzebuerg. Dës Projet ass Moies op der Kinnekswiss am Park vun der Stad Lëtzebuerg. De Museksdag geet duerno ëm 12h30 um Knuedler weider mat den Veräiner vun der UGDA. Den UGDA Museksdag wäert bestoe bleiwen an de nächsten Jore, an zwar präzis de 21. Juni 2026 an de 20. Juni 2027.

Jeeweils am Juni, kuerz virum Nationalfeierdag vun de Jore 2025, 2026 a 2027, ass d'Zeremonie wou d'Médaille vun der Regierung a vun der Federatioun un déi verdéngschtvoll Membere vun eise Veräiner iwwerreicht ginn. Am Joer 2025 wäert dës Zeremonie den 18. Juni am Centre Paul Barblé zu Stroossen sinn.

Um Défilé non-militaire vum Nationalfeierdag vun den dräi kommende Jore wäert d'UGDA duerch hir Museksgesellschaften vertruede sinn. Fir d'Joer 2025 sinn et hei d'Museksgesellschaften aus der Gemeng Klierf.

D'Journée des jeunes gëtt den 12. Juli 2025 zu Monnerech vun der Harmonie Municipale Mondercange organiséiert. Den Dag drop wäert d'Journée des Big Bands 2025 op der Plëss an der Stad Lëtzebuerg sinn. Et ginn allerdéngs nach Organisateur fir de Concert national vun den Harmonien a den Fanfaren, an de nächste Jore gesicht.

Direkt e puer Veräiner vun der UGDA huelen den 18. Oktober 2025 un der Closing-Zeremonie vun Luxembourg Urban Garden Show, LUGA, Deel.

Am Hierscht, den 19. Oktober 2025, ass no zwee Joer rëm eng Journée de l'Accordéon, organiséiert vun der Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg, dem SMAL, am Tramsschapp um Lampertsbiert.

Ee Sängerdag, eng Manifestatioun fir de Folklore, genee wei een neien Evenement fir den Theater soll et 2027 ginn.

D'Regionalversammlunge vun der UGDA, sinn wei gewinnt am Dezember 2025, den 8. zu Leideleng, den 11. zu Réimich, an den 14. zu Lieler.

Fënnf Revues musicales wäerten am Laf vun 2025 publizéiert ginn, am Mäerz, Juni, Juli, Oktober a Dezember. Datume wou d'Artikele mussen an der UGDA Redaktioun sinn, wäerten de 7. Februar, de 29. Abrëll, de 18. Juni, de 15. September an de 7. November 2025 sinn.

